N°2745
Entrée le 08.09.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°2745 vum 6. August 2025 vum éierbaren Deputéierten Sven Clement

1. **Wéi huet de POST-Ausfall konkret d'operationell Aktivitéite vun de Lëtzebuerger Banken a PSF beaflosst?**

Entitéiten, déi vun der CSSF iwwerwaacht ginn, sinn dem Gesetz no, virop der europäescher DORA-Reglementatioun ("*Digital Operational Resilience Act*"), an de relevanten CSSF-Circulairen, verflicht, der CSSF gréisser ICT-Incidenter matzedeelen.

Dës Notifikatioune weisen, datt de POST-Ausfall zu enger temporärer Stéierung vun der Internet-Connectivitéit gefouert huet. Dëst huet vereenzelt Ënnerbriechungen a Servicer a Prozesser bei Finanzentitéiten ausgeléist, z.B. am Online-Banking.

Déi betraffe Finanzentitéiten hunn am allgemengen uginn, datt den Impakt op hir Clienten entweder net oder nëmme limitéiert ze spiere war. Dat ass an eenzele Fäll z.B. op eng séier Ëmstellung op alternativ Internet-Provider zeréckzeféieren.

2. **Hunn d'Finanzinstituter hir DORA-Konformitéitsstrategien op Basis vun dëser Attack iwwerpréift, a wat sinn d'Conclusiounen?**

Finanzentitéite si verflicht, aus all ICT-Incident déi néideg Léieren ("*lessons learned*") ze zéien an ze dokumentéieren, wéi eng Moossnamen ergraff goufe fir eng Widderhuelung ze verhënneren oder den Impakt am Fall vun engem neie Virfall ze limitéieren. Déi ofschléissend Rapporte vun de concernéierten Entitéiten un d'CSSF stinn nach aus.

Éischt Réckmeldungen un d'CSSF weisen awer, datt verschidden Entitéite geplangt hunn, hir operationell Resilienz duerch aner Internet-Provider oder d'Zesummenaarbecht mam bestoende Provider ze stäerken. D'CSSF bleift a Kontakt mat de concernéierte Finanzentitéiten fir sécherzestellen, datt déi néideg Moossnamen ëmgesat ginn.

3. **Wéi definéiert d'CSSF aktuell d'Responsabilitéit tëschent Finanzinstituter a kriteschen Telekommunikatiounsoperateuren ënner NIS2?**

All Finanzentitéit ass selwer responsabel, déi néideg Moossnamen ëmzesetzen, fir d'Kontinuitéit vu senge wichtegsten Aktivitéiten och am Fall vun engem kriteschen ICT-Incident sécherzestellen. Falls op en Drëtt-Ubidder zeréckgegraff gëtt, fir Servicer, déi fir dës Aktivitéiten néideg sinn, muss d'Finanzentitéit sech vergewësseren, datt dësen Drëtt-Ubidder selwer adequat Kontinuitéitsmoossnamen ëmgesat huet.

Gläichzäiteg mussen d'Finanzentitéiten Ofschwächungsmoossnamen ("*mitigation measures*") virgesinn, déi bei engem ICT-Incident aktivéiert kënne ginn, wéi z.B. alternativ Tools oder d'Zeréckgräifen op en alternativen Serviceprovider. Am Fall wou den ICT-Incident zu engem Schued féiert, spille gegeebenenfalls déi kontraktuell Bestëmmungen tëscht den Entitéiten.

D'Fro vun enger méiglecher Responsabilitéit vu kriteschen Telekommunikatiounsoperateuren ënnert NIS2 opläit net der CSSF.

4. **Ginn et nei Richtlinne fir Banken an PSF betreffend d'Diversifikatioun vun hiren Telekommunikatiounspartner?**

Et gëtt keng explizit Bestëmmung iwwert d'Diversifikatioun vun Telekommunikatiounspartner fir Finanzentitéiten. Dat aktuellt Reegelwierk stellt awer kloer Ufuerderungen un d'Kontinuitéit vun de wichtegste Servicer an un d'Gestioun vun de Risiken, déi mat der Notzung vun externe Provider verbonne sinn.

5. **Wéi staark ass d'Lëtzebuerger Finanzplaz vun der POST-Infrastruktur ofhängeg a gouf dëse Risiko no der Attack nei bewäert?**

D'POST-Infrastruktur ass net nëmme fir de Finanzsecteur e wichtegt Element. D'Emsëtzungsmoossnamen vun der DORA-Reglementatioun wäerten eng méi präzis Evaluatioun vun der Ofhängegkeet vum Finanzsecteur vu bestëmmten ICT-Provider erlaben. Déi néideg Aarbechten si momentan am Gaang.

6. **Huet d'CSSF zousätzlech Stress-Tester oder Resilienz-Evaluatioune fir Finanzinstituter agefouert no dëser Erfarung?**

D'CSSF wäert den Incident an hirer Iwwerwaachungsaktivitéit berücksichtegen.

7. **Wéi koordinéiert d'CSSF sech mat aneren europäesche Regulateure fir änlech Vulnerabilitéiten op EU-Niveau ze identifizéieren?**

D'CSSF steet a reegelméissegem Austausch mat aneren europäesche Regulateuren an déngt als Kontaktpunkt fir Lëtzebuerg am paneuropäesche Koordinatiounsrumm fir systeemesch Cyber-Incidenter (EU-SCICF) am Finanzsecteur.

Lëtzebuerg, den 8. September 2025
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth